# 63EME CHAMPIONNAT DU MONDE DE PECHE POUR NATIONS
# 2016 BULGARIE, PLOVDIV,
# 12-19 September 2016

Tägliche News von Viviane Schmitt - 7. Bericht vum 17.09.2016



Viviane Schmitt

## Léif Fëscherkollegen




Hei den klengen Rapport vum 1. Duerchgang vun der WM an Bulgarien.

Am A Secteur war den Alain um Stand 10. Hien huet do mat 660 grs, 8 Fesch, leider 17 Punkten gemaach. Wou drun et genau loung kann hien net soen. Wann een den Will Raison als Noper huet dann ass d' Liewen och net esou schéin.

Am B Secteur war den Franck um Stand 16. Hien huet 13 Punkten gemaach, 30 Fësch, mat en etlechen Sonnenpijen dobäi. Als Noper hat hien den Italiener Ferruccio Gabba deen dem ganzen Secteur gewisen huet wéi een d' Match Staang an d' Karpen fänkt. En mécht eng 1 mat bal 10 kg, 13 Fësch.

Am C-Secteur souz den Bill ob dem Stand 3. wou hien mat 1.878 grs, 18 Fësch, déi 11 Platz mécht. No 90 Minutten war hien nach capo an den aktuellen Weltmeeschter Yuri niewent him souguer nach méi laang. Zum Gléck hunn sech awer nach e puer Fësch fänken gelooss dass hien den Schued nach an Grenzen halen konnt.

Am D-Secteur war den Jérôme ob dem Stand 23 wou hien 1.668 grs gefaang huet an domat déi 15 Platz mécht. Ganz enttäuscht an mat méi enger grousser Erwaardung war hien als WM Neuling bei den Senioren an des WM eran gaang. D' Fësch an deem Secteur sinn all mat der Match gefaangen ginn, do huet emol den gros vun den Fëscher déi 13 m Staang net 1x ugepaakt. Alles anescht wéi et beim Jérôme um Training war.

Am E-Secteur souz den Fernand um Stand 30. Gefaang huet hien 4.741 grs mat 38 Fësch, och Sonnenpijen drënner. No 3 Stonnen hat hien +/- 800 grs an sein Noper den Sloven 8 Karpen. Déi lescht Stonn krut hien den Fësch eran an huet nach mat enger excellenter 6 Platz ofgeschloss. Och nëmmen ob der Match Staang.

Um Enn stinn mir ob der schlechter 29. Platz :(((( wat soll ech iech soen. D' Stëmmung an Moral loossen ze wënschen iwwereg. Vill vun iech, déi meng Berichter hei liesen, wëssen wéi een sech fillt, wann een 2.100 km gefuer ass, sech d' ganz Woch den Aresch opgerappt huet an dann den Dag mat esou engem Resultat ob en Enn geet. Trotzdem e groussen MERCI un all déi Leit déi ons haut bonne chance gewënscht hunn an mir wäerten ons bescht maachen fir muer nach e puer Platzen gutt ze maachen. Wann een den Jongen nach well Courage maachen dann kennt dir dat ob des email: viviane.schmitt@envie.lu Bestëmmt giff dat se motivéieren.



*Besuch aus Lëtzebuerg*




*De Fern am Leerlauf*




*No 15 Minuten war d'Welt nach ok*



*Eis d'Maskottchen vun desem Joer "d'Miessi"*